# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

DEZEMBER 2022 - JANUAR 2023



# DE KLEESCHEN AM FOND-DE-GRAS












**Édito** 3

*Mir hoffen all op e bessert 2023*

**D'Energiespuermoossname gëlle fir eis all** 4

*Am Kader vun der Kris, déi mir de Moment erliewen, huet d'Gemeng entscheet, datt si mam Beispill virgoen an a verschiddene Beräicher Entscheedungen treffe soll, déi Energie spueren. Sief dat dobaussen oder an de Gemengegebaier.*

**L'épopée du M8 restauré** 6

*75 ans se sont déjà écoulés depuis l'érection du monument dédié au premier soldat américain tué sur le sol luxembourgeois à Pétange. Au début, ce fut une stèle sur laquelle furent engravés les mots «Mir vergiessen net» (Nous n'oublierons pas).*

**AGENDA** 8

*Décembre - Janvier - Février*

**Wat war lass?** 10

**Bärbelfeier 2022 zu Rodange a Lamadelaine** 12

**Mir gratuléieren** 19

**Recette du mois** 21

*Gnocchi alla Benedetta*

**D'Gemeng informéiert** 22

*Le déneigement est un devoir pour tous !*

*Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre*

*RPL TV*

*Neie Mataarbechter*

*Den Cent Buttek Asbl*

*Dampmelder*

*Bibliothèque solidaire - bicherland.lu*

**75. Anniversaire – Monument Hyman Josefson** 24


# IMPRESSUM


**Éditeur :**

Administration communale de Pétange

B.P. 23 • L-4701 Pétange

Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000

www.petange.lu

commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos :**

Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Laurent Blum, Nathalie Flenghi, Milena Marcovic, Claude Piscitelli, Val Wagner, Seniorie St Joseph Pétange, istockphoto

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**

Décembre 2022 - Janvier 2023

ISSN 1993-0070

# Mir hoffen all op e bessert 2023

No de Joren 2020 an 2021, déi mir jo mat der Pandemie an all hiren Auswierkungen op d'Liewe vun de Bierger a Biergerinnen net grad a gudder Erënnerung hunn, war d'Hoffnung op eng Besserung fir 2022 jo nawell ganz grouss. Ma déi Hoffnung ass gréndlech ënner d'Rieder komm mat dem russeschen Ugrëff an der Ukrain an der uschléissender Energiekris. Och wann et schwéier fällt, mir mussen all de Rimm e bësse méi enk maachen an eis der Decken no strecken.

A wa mir alleguer soen, da gehéiert och d'Gemeng dozou. Hei kruten déi verschidden Departementer a Servicer un d'Häerz geluecht, eng ganz Rei Energiespuermoossnamen ëmzesetzen. Eng sëlleche vun dëse Regele goufe schonn ëmgesat esouwéi zum Beispill d'Ausschalte vun der Beliichtung vun den ëffentleche Gebaier um 23.00 Auer oder d'Erofsetze vun der Temperatur an de Büroen op 20°C. Och d'Chrëschtdaagsbeliichtung an eisen dräi Uertschafte gouf op e Minimum reduzéiert fir ze spueren. All dëst soll dozou bäidroen, datt mir gutt iwwer de Wanter kommen, deen, esou hoffe mir jo wahrscheinlech alleguer, net allze kal wäert ginn.

An e puer Woche geet d'Joer 2022 op en Enn, an dofir kënne mir elo schonn op dat neit Joer kucken, dat mat der Hoffnung, datt et ab Januar nees de Bierg op geet. Wa mir all un engem Strang zéien, wa jiddereen an der Gesellschaft säin Deel dozou bäidréit fir datt d'Allgemengheet dovunner profitéiert, da si mir e grousse Schrëtt an déi gutt Richtung ënnerwee. Datt d'Bierger an d'Biergerinnen aus der Gemeng dat kënnen, dat hunn si jo scho méi wéi eng Kéier an der Vergaangenheet bewisen, an si wäerten och dës Kris als Gemeinschaft meeschteren. Dovunner si mir iwwerzeegt.

De Schäfferot vun der Péitenger Gemeng



# D'Energiespuermoossname gëlle fir eis all

*Am Kader vun der Kris, déi mir de Moment erliewen, huet d'Gemeng entscheet, datt si mam Beispill virgoen an a verschiddene Beräicher Entscheedungen treffe soll, déi Energie spueren. Sief dat dobaussen oder an de Gemengegebaier.*

An deene Säll a Gebaier, déi der Gemeng gehéieren, gouf vum Schäfferot beschloss, d'Temperatur op 20°C erofzesetze wann se op sinn an och genotzt ginn. Ënner dës Regelung falen:

- d'Musikssäll, d'Jugendhaus, déi administrativ Gebaier (Maison Pesch, Maison Fisch, etc.), d'Gemengenhaus, d'Kulturzentren, de Büro vum Recyclingzenter, d'Raimlechkeeten op de Fussballsterrainen an am QT, den Dëschtennis-Sall, d'Geschichtshaus An der Uecht, d'Rout haus, d'Rollenger Millen an de Gîte touristique (Waggon) am Fond-de-Gras.

D'Temperature ginn awer an deene meeschte Gebaier op 15°C gesat wann dat net de Fall ass. Ausname sinn do d'Kierchen, d'Raim op de Fussballsterrainen, am QT, am Sportzentrum Bim Diederich, an der Sportshal an an dem Dëschtennis-Sall, déi op 12°C erofgesat ginn. D'Portieren an Hëllefsportiere suergen dofir, datt d'Temperatur op en akzeptable Minimum an de Gäng reduzéiert an déi virgeschriwwen Temperatur generell agehale gëtt. Dës Regelung soll awer an de Schoulen, de Maison Relaisen an de Crèchen, wou d'Kanner quasi dee ganzen Dag ënnerwee sinn, net ëmgesat ginn.

An der Péitenger Schwämm gouf d'Waassertemperatur op 26°C am Baseng fir Net-Schwëmmer an op 28°C am Baseng fir Schwëmmer erofgesat.

D'Temperatur vum Duschwaasser, déi a verschiddene Gebaier zur Verfügung stinn, ginn op e Maximum vu 35°C agestallt an et soll een och d'Duschzäite begrenzen.

D'Mataarbechter vun der Péitenger Gemeng kruten un d'Häerz geluecht, d'Spuermoossnamen op ënnerschiddlech Manéier ëmzesetzen ewéi:

- Fënsteren an Diren zouhalen ausser wa geléft gëtt
- Apparater ganz ausmaache wann se net méi gebraucht ginn
- Spuersam mam Waasser ëmgoen.

Wat Chrëschtbeliichtung ugeet, esou ginn an der Gemeng 4 künstlech Chrëschtbeemercher esouwéi d'Chrëschtdekoratioun am Agang vun all Uertschaft bis 23 Auer beliicht. Och d'Gemengenhaus an d'Monumenter gi just nach bis 23 Auer beliicht.

Zesummefaassend heescht dat:

| | |
|---|---|
| Administrativ Gebaier a Raimlechkeeten<br>Kulturell Gebaier a Raimlechkeeten<br>Museksäll<br>Jugendhaiser<br>Geschichtshaus<br>Wagon gite touristique | 20°C<br>Heizkierper an de Gäng ausschalten<br>Heizkierper an de Gäng ausschalten<br>Diren a Fënsteren zou halen<br>Waasser spueren |
| Centre de Recyclage – Hall de Tri | Heizung um Minimum |
| Centre de Secours et Sauvetage - Garages | 12°C |
| Schwämm Bim Diederich:<br>Schwëmmerbaseng<br>Net-Schwëmmerbaseng<br>Raumtemperatur | <br>Senkung vun 27°C op 26°C<br>Senkung vun 29°C op 28°C<br>ugepasst un d'Waassertemperaturen |
| Schoulen, Maison Relaisen, Crèchen an d'Musiksschoul | keng Senkung vun der Temperatur<br>Heizkierper an de Gäng ausschalten<br>Diren a Fënsteren zou halen |
| Kierchen | 18° C am Betrib / 12° C ausser Betrib |
| Centre nationale de Quilles et Tennis:<br>Tennis-Hal<br>Keelen-Hal<br>Warmwaassertemperatur (Duschen) | ausser Betrib: 12° C<br>am Betrib: Senkung vun 19° C op 17° C<br>am Betrib: Senkung vun 20° C op 19° C<br>Maximum 35° C |
| Bim Diederich: | ausser Betrib: 12°C<br>am Betrib: Senkung vun 19° C op 17° C |
| Sportsinfrastukturen a Raimlechkeeten | 20° C am Betrib / 12° C ausser Betrib |

# ENERGIE SPUEREN BEI DER Chrëschtdagsbeliichtung

**Ee Grond méi fir ze feieren!** Ech kann eppes fir d'Ëmwelt, fir d'Biodiversitéit a fir mäi Portmonni maachen:

**1** **E klengen Akzent setzen** amplaz e ganzt *Winterwonderland* am Virgäertchen.

*Am neie Joer kann d'Beliichtung dann och séier nees fortgeraumt ginn :)*

**MANNER ASS MÉI**

**2** **2-3 Stonne Beliichtung** ginn duer. **No 22h** d'Beliichtung ausmaachen.

*Da schlofen déi meeschte Leit schonn ... an d'Flantermais feiere kee Chrëschtdag.*

*Tipp:* **Zäitschaltauere** benotzen!

**DE RICHTEGE MOMENT**

Liichtquelle verwirren nuetsaktiv **Déieren** a kënnen de Wanterschlof stéieren.

**3** **Wa schonn elektresch, dann LED.**

LED-Luuchte verbrauche just **1/10 u Stroum** am Verglach mat 'konventionelle' Bieren a kënnen **100x méi laang** halen.

**SPUERSAM BIEREN**

Solarbedriwwen LED-Liitecher sinn nach méi ëmweltfrëndlech!

**Wichteg:** Wiel Bieren déi e **waarmen Toun** hunn, also éischter **gielzeg** liichten (manner Perturbatioun fir d'Liewewiesen).

**4** **Eng Naturkäerz oder eng LED-Lanter** virun d'Dier stellen, amplaz vun enger laanger elektrescher Girland.

Méi gemittlech a romantesch!

**OPRUFF FIR KREATIVITÉIT**

*Läschten Tipp:* D'Kabelen net duerch eng gekippte Fenster leeën.

*Doduerch geet vill Heizenergie verluer!*

ËMWELTBERODUNG LËTZEBUERG A.S.B.L.
EBL.LU / INFO @ EBL.LU

PUBLIZÉIERT VUN:
ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE



# L’épopée du M8 restauré

*75 ans se sont déjà écoulés depuis l’érection du monument dédié au premier soldat américain tué sur le sol luxembourgeois à Pétange. Au début, ce fut une stèle sur laquelle furent engravés les mots «Mir vergiessen net» (Nous n’oublierons pas).*

Eh oui, les années passent, mais le souvenir et la reconnaissance sont toujours tangibles – surtout le 9 septembre de chaque année, jour de la libération de Pétange par les Alliés en 1944. Et parmi la génération plus âgée, c’est surtout le souvenir des événements de ce jour qui reste présent à travers le Gréyhound exposé à Pétange.

En 1997, un demi-siècle après l'inauguration du monument au Square Hyman Josefson, c’est en Allemagne que Claude Kauffmann, membre de l’association MVCL Greyhounds, a réussi à dénicher un véhicule identique au M8 touché et détruit par un obus tiré d’une batterie allemande le 9 septembre 1944 près du moulin Waxweiler à Pétange. Il l’a acheté pour le prix de 90.000 francs luxembourgeois – de nos jours un peu plus de 2.230€ – une somme que le Syndicat d’initiative lui avait confiée pour cette mission. Le véhicule était tellement mal en point qu’il a fallu beaucoup d’imagination et d’efforts pour le remettre en état. Mais plus important que le prix, c’était un témoin de l’histoire de notre pays, de notre commune, qui fut quasiment «rapatriée» avec l’aide de l’armée luxembourgeoise depuis l’Allemagne.

## M8 Light Armored Car Greyhound

Véhicule blindé de reconnaissance

Produit en 8.634 exemplaires de 1943 à 1945 par la Ford Motor Company

Moteur: Hercules JXD 6 cyl. / 5,2 l (essence) /
110 hp (81 kw) (110:1,36 = 80,88 = 81KW),
vit. max. 88 Km/h


Réservoir: 254 Litre

Autonomie: 563 km (sur route)

Armement principal:
1 Canon M6 de 37 mm

Armement secondaire:
1 mitrailleuse Browning .50 HB de 12,7 mm et
1 mitrailleuse Browning .30 M1919 A4 de 7,69 mm





## Military Vehicles Collectors Luxembourg Greyhounds

C'est en 1992 que le ***Military Vehicles Colectors Luxembourg*** fut fondé. Une association d'anciens membres de l'Escadron Souvenir et qui s'engage pour conserver la mémoire du sacrifice du $2^{nd}$ Lt. Hyman Josefson ainsi que les événements autour du 9 septembre 1944 pour la postérité. Les membres du club s'intéressent à tous les types d'engins militaires et sont présents lors de nombreuses manifestations communales, nationales et même internationales. Ils organisent des randonnées ainsi que des meetings avec des rassemblements de véhicules, de vêtements militaires ainsi que d'autres objets en relation avec le monde militaire.

https://www.facebook.com/profile.php?id=100068109663111

### C'est alors que le travail a commencé

Après l'arrivée du M8 à Pétange, Claude Kauffmann s'est mis au travail. L'intérieur de l'engin, dans un état pitoyable, fut complètement dénoyauté avec le système conduit qui ne fonctionnait plus. Le plancher avait subi de très lourds dommages causés par l'explosion d'un obus. Le moteur était inexistant et n'a, jusqu'à nos jours, jamais été remplacé.

Oui, il a fallu le courage et la vision de cet idéaliste, soutenu par des personnes partageant sa passion, pour oser une telle opération. Grâce au savoir-faire d'artisans qui ont donné leur soutien à cette ‚aventure', des pièces manquantes furent confectionnées sur mesure tels que le nouveau plancher ou encore le blindage de la tourelle pour être incorporés. D'autres pièces ont pu être achetées à l'étranger.

Ayant été exposé aux éléments pendant des années, il a également fallu procéder au dérouillage du véhicule blindé avant de procéder à la peinture. La couleur standardisée – RAL vert olive – fut utilisée pour redonner son aspect original au M8. Tous les détails furent minutieusement recherchés comme par exemple l'écriture ou encore l'étoile blanche – achetées en France –, caractéristiques des engins américains.



Pendant trois mois et durant plus de 200 heures de bricolage, Claude Kauffmann a accompli sa mission après la fin de sa journée de travail régulière. Et le résultat fut une réussite. En 1999, le Syndicat d'Initiative de Pétange a finalement pu inviter à l'inauguration officielle du M8 restauré et installé à l'arrière-plan du Square Hyman Josefson.

En 2019, la commune de Pétange a renouvelé la peinture du M8 tandis que le MVCL Greyhounds s'est occupé du marquage qui doit être très précis et authentique.

Désormais le véhicule blindé se trouve à sa nouvelle place près de l'Espace muséologique 9'44 sur le site WAX à Pétange. Le déplacement a eu lieu en octobre 2022.



# AGENDA

## Décembre - Janvier - Février

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE: DEN 13.01.23 AN 09.02.23**

**RODANGE: DEN 16.12.22 A 20.01.23**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG: DEN 07.01.23 AN 04.02.23**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### 16.12.
### REMISE DE CADEAUX DE NOËL DE LA COMMUNAUTÉ

Rodange – Centre culturel

Entrée libre · Début: 15h00

Org.: Yemba Luxembourg

### 16.12.
### RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Centre culturel

Entrée libre · Début: 17h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

### 16.12.
### BIMBO THEATER

Péiteng – Home St. Hubert

Entrée: 5€ fir Kanner,
10€ fir Erwuessener

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel.: 50 72 47

Org.: Kordall-Par Ste Barbe

### 17.12.
### GALA CONCERT

Péiteng – Sportzenter
Bim Diederich · Ufank: 19.30 Auer

Entrée: 10€

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel. +352 621767501 oder E-mail tomgenot@yahoo.fr

Org.: Harmonie Municipale Pétange asbl

### 17.12.
### ROCK & CHRISTMAS

Lamadelaine – Centre de loisirs mat Fascination Rescued

Ufank: 21:00 Auer

Entrée: 15 € · Virverkaf: 10 €

Org.: Amicale des Anciens Princes et Princesses de la Cavalcade de Pétange

### 18.12.
### FÊTE DE NOËL

Pétange – Maison de la culture A Rousen · de 15h00 à 18h00

Org.: Coin de Terre et du Foyer Pétange

### 20.12.
### WANTERCONCERT

Rodange – Kulturzenter

Vu 17 bis 20 Auer · Fräien Entrée

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel. +352 691 141 589

Org.: Chorale Sänger vun der Bich asbl




### 04.01. et 01.02.2023
### MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

### 06.01.2023
### RÉUNION MENSUELLE «DRÄIKINNEKSDAG»

Rodange – Centre culturel

De 15h30 à 18h00 · Entrée libre

Org.: Foi et Lumière Minette

### 09.01.2023
### NEIJOERSPATT – POT DE NOUVEL AN

Péiteng – Kulturhaus A Rousen

Ufank: 19 Auer

Org.: LSAP Sektioun Gemeng Péiteng

### 10.01.2023
### NEIJOERSPATT – POT DE NOUVEL AN

Rodange - Kulturzenter

Ufank: 19:30 Auer

Org.: CSV Gemeng Péiteng




**16.01.2023 a 06.02.2023**
**BICHERBUS**

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81
(Romain Kayser) oder per
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet änner:
https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

**20.01.2023**
**RÉUNION MENSUELLE**

Rodange – Centre culturel

Entrée libre

Début: 17h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

**20.01.2023**
**ASSEMBLÉE GÉNÉRALE**

Rodange – Buvette de la Sportshal

Début: 19h30

Entrée libre

Org.: Amicale Nidderréideng Rodange

**21.01.2023**
**HIERKENOWEND AN HIERKEN TO GO**

Lamadelaine - Fräizäitzenter

Ufank: 11 Auer

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel.: +352 691 785 050 (Josette Conzemius)

Org.: Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng Asbl

**24.01.2023**
**GENERALVERSAMMLUNG**

Lamadelaine - Fräizäitzenter

Ufank: 15 Auer

Fräien Entrée

Org.: Lëtzebuerger Fraen a Mammen Lamadelaine

**29.01.2023**
**PENALTY EVENT**

Lamadelaine – Centre de loisirs

Début: 21h00

Entrée: 5€

Org.: Union Titus Pétange asbl

**29.01.2023**
**BAL DE CARNAVAL POUR ENFANTS**

Pétange – Home St Hubert

De 14h00 à 18h00

Org.: La Courageuse Pétange




**AUSSTELLUNG / EXPOSITION**
**KULTURHAUS A ROUSEN**
Place du Marché · L-4760 Pétange

**HOBBY'ART**
**mat den Hobbykënschtler Lëtzebuerg**
**vum 27. bis den 29.01.2023**
d'Ausstellung ass nomëttes vu 14 bis 19 Auer op

Org.: SITP

clubsenior

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**
**Umeldungen an Aschreiwungen iwwer**
**Tel.: +352 26 58 06 60**

**Viremente fir Reservatiounen op de Konto**
**CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

**17.12.**
**GLÜHWÄIWANDERUNG**

Rendez-vous um 15 Auer am Club Senior

Wanderung an der Emgéigend
vun Déifferdeng (6km)
Eng Paus ënnerwee an ofschléissend
en Tour iwwer de Chrëschtmaart

Gratis

**21.01.2023**
**GENTLEMEN'S TIME: HERRMANN'S HOMEMADE GIN A LIKÖR TASTING**

No eisem Succès bei der Ladies'time versiche mer lo och eise Männer d'Chance ze gi fir sech all 2te Mount ze treffen a gemeinsam eng flott Männerzäit ze verbréngen.

(Falls mer net genuch Männer géingen zesum-mekréien, dierfen eis Dammen si awer gären ënnerstëtzen)

Dir wollt schonn ëmmer méi iwwert Gin oder Likör gewuer ginn, da sidd Dir hei genau richteg. Den Här Hermann produzéiert seng eege Variatiounen a wäert Iech an enger gemittlecher Ronn alles iwwer d'Hierstellung erklären. Dir kritt awer net nëmmen eng laang Nues gemaach, ma Dir kënnt natierlech och alles degustéieren.

Rendez-vous um 14.30 Auer
am Club Senior zu Déifferdeng · Präis : 5€

**02.02.2023**
**LUNEX: SANTÉ ET BIEN-ÊTRE**

Les étudiants de LUNEX vous invitent à un échange sur le thème de la santé et du bien-être. Accompagnez-nous pour découvrir quelque chose de nouveau.

De 9h00 - 12h00 dans le Hall «O»

L'entrée est gratuite

# Wat war lass?














**08.10.2022** - *Beim Scoutschalet um Prënzebierg gouf eng Gedenkplaque feierlech ageweit. Dës Plaque erënnert un déi Scouten, déi am Krich hiirt Liewen hu musse loossen. Siwe vun hinne waren zwangsrekrutéiert ginn, an zwar den Nicolas Hahn, André Hengen, Norbert Reiter, Henri Feller, Marcel Hochstrass, Alfred Michels a Josy Perrard, iwwerdeems de Pierre Weiler zu Auschwitz gestuerwen ass. De Paschtouer Théo Klein huet am Virfeld eng Mass gehalen an d'Gedenkplaque ageseent.*

**12.10.2022** - *Fir eng kuerz Visite an d'Péitenger Gemeng hat sech viru kuerzem d'Inneministesch Taina Bofferding ugemelt. Dëst hat awer säi gudde Grond: zesumme mam Schäfferot huet si eng Konventioun fir d'Förderung vun der Gläichstellung tëscht Mann a Fra op lokalem Plang ënnerschriwwen. Bei de Gespréicher huet d'Ministesch och ervirgehoff, datt d'Gemeng Péiteng an deem Sënn scho ganz vill Aarbecht geleescht huet.*
*E kuerze Rondgang esouwéi den obligate Patt hunn dëse Besuch ofgerënnt.*



**09.10.2022** - *Cette année, la Journée de la Commémoration Nationale fut célébrée à Rodange où bon nombre de citoyens, de membres d'associations locales, les édiles de la commune de Pétange ainsi qu'une délégation des pompiers ainsi que des harmonies des trois localités ont participé au cortège et au service religieux. C'est près du Monument aux Morts dans l'avenue Dr Gaasch que des fleurs furent déposées en l'honneur de toutes les victimes de la guerre.*

















# Bärbelfeier 2022
## zu Rodange a Lamadelaine































**12.10.2022** - *La commune de Pétange avait invité – surtout les habitants non-Luxembourgeois – à venir découvrir les différents services administratifs ainsi que la salle des séances ou encore la salle de mariage lors de la journée porte ouverte à la mairie. De plus, les personnes intéressées avaient la possibilité de s'informer sur les élections et même de s'inscrire sur les listes électorales.*









**16.10.2022** - *Vor einem Jahrhundert wurde der Turnverein L'Avant-Garde Rodange gegründet. Im Lauf einer akademischen Sitzung hoben die Redner, unter ihnen Sportminister Georges Engel, Bürgermeister Pierre Mellina sowie Sportschöffe Romain Mertzig die Verdienste der Mitglieder hervor. Fotos aus vergangener Zeit erinnerten an die Errungenschaften und Leistungen der Avant-Garde.*









**23.10.2022** - *Och fir d'Konscht-Millen stoung e ronne Gebuertsdag um Kalenner. Virun 10 Joer huet alles ugefaangen, eng Zäit, op déi d'Präsidentin Josette Conzemius, de Buergermeeschter Pierre Mellina, de Kulturschäffe Jean-Marie Halsdorf an de Roger Klein an hirer Usprooch am Detail an der Séance académique agoungen. De Veräin huet d'Aufgab, kulturell Aktivitéiten am WAX ze förderen an organiséiert eng Panoplie u verschiddene Course fir Grouss a Kleng esouwéi Concerten an nach vill méi. Zwee Concerten um Späicher hate schonn déi Deeg virdru fir eng musikalesch Aleedung gesuergt.*





**10.11.2022** - *Mat ronn 910.000€ hunn déi nei Gefierer fir d'Gemengenservicer zu Buch geschloen. Domat ass deen aktuelle Fuhrpark vun der Gemeng Péiteng nees op Vordermann a kann och méi effizient am Dingscht vum Bierger schaffen. Ganz offiziell kruten déi betraffen Servicer hir Gefierer vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot iwwerginn.*







**11.11.2022** - *Am 11.11 hieß es wieder einmal „De Péitenger Wand, dee bléist, dee bléist, dee bléist" als im Lamadelainer Freizeitzentrum das Prinzenpaar für die aktuelle Fastnachtssaison vorgestellt wurde. Mandy Krier und Marc Hermes werden als Prinzessin Mandy I und Prinz Marc III bis zur alljährlichen Petinger Kavalkade am 19. März 2023 das Zepter in der Hand haben und an zahlreichen Karnevalsveranstaltungen teilnehmen.*







**25.11.2022** - *Fir déi 31. Editioun vum Dag vum Bam waren eng sëllechen Elteren op Rodange an de Park koum, wou d'Gemeng Péiteng eng Bich zu Éiere vun deenen 223 Kanner, déi tëscht dem 1. November 2021 an dem 31. Oktober 2022 op d'Welt koumen an eiser Gemeng. Nodeems d'Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot esouwéi d'Mammen an d'Pappen eng Schëpp bäigeluecht hate fir datt de Bam gutt wiisst, gouf op den traditionelle Patt invitéiert.*





**22.11.2022** - *D'Zuel vun de Mataarbechter, déi op der Péitenger Gemeng schaffen, läit bei méi oder manner 500 Leit. Do ass et schwéier, jiddereen ze kennen. Fir datt d'Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, awer och d'Leit aus deene villen Servicer déi 'Nei' emol perséinlech gesinn a kenneléieren, goufen si offiziell am Laf vun enger Receptioun am Kulturhaus virgestallt. Net manner ewéi 34 Persoune kruten am Laf vum Joer 2022 eng Plaz, an déi allermeescht vun hinne waren der Invitatioun nokomm.*

**20.-27.11.2022** - *Vom 20. Bis zum 27. November fand in der QT-Halle in Petingen das mit $25.000 dotierte Kyotec Open Tennisturnier statt. Seit Jahren nehmen hier einige der besten Spielerinnen der Welt teil. Krönender Abschluss einer spannenden Woche war die Partie zwischen Mona Barthel (D) und Daria Snigur. Die Deutsche setzte sich hier mit 7:6 und 6:2 gegen die Ukrainerin durch, die im Jahr 2019 das Juniorenturnier in Wimbledon gewann.*






**23.-27.11.2022** - *Den Héichpunkt vum Niklosmaart zu Péiteng ass all Joer de Besuch vum Kleeschen, dee bei déi brav Kanner kënnt a fir jiddereen eng Tiitche mat gudde Saachen derbäi huet. Dat war dëst Joer net anescht, an de gudde Mann hat vill ze doen. Ma hien huet dat gäre gemaach an et gesouch een esou munch Kanneran, déi geliicht hunn an et net konnten erwaarde fir him d'Hand ze drécken. Obwuel den Houséker och mat 'on Tour' war, hat hie ganz wéineg ze doen, well schéngs ware Kleng a Grouss ganz fäin an esou konnten d'Rutte gréisstendeels am Sak bleiwen.*




















**05.12.2022** - *Après plus de deux ans, un grand projet vient d'être achevé à Rodange: le réaménagement complet de la rue de la Fonderie sur une longueur d'environ 260 m. Des travaux de voirie ainsi que le renouvellement de différents réseaux – canalisation, eau potable, éclairage public, antenne collective, gaz, fibre optique et électricité – furent réalisés pour un coût total de 1,53 mio d'euros. Pour la fin du chantier, le collège échevinal avait invité les habitants à une agape pour les remercier de leur patience pendant la durée de ces travaux nécessaires.*





ALLES GUDDES!

# Mir gratuléieren!



Zu Péiteng an der Seniorie housch et nees eng Kéier en 90. Gebuertsdag feieren. Fir der **Madamm Annette Frizzarin-Feller** hire ronne Gebuertsdag huet de Schäfferot mam Buergermeeschter un der Spëtz déi bescht Wënsch iwwerbruecht an e schéine Kaddo a Form vun enger Corbeille iwwerreecht. Dëse Gléckwënsch hunn sech Memberen aus der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale vun der Seniorie ugeschloss. Zesumme gouf nom obligate Ständchen op d'Jubilarin ugestouss.





Jo, e ganzt Jorhonnert ass et hir zënter d'**Madamm Delphine Klein-Bayens** d'Liicht vun der Welt erbléckt huet. Fir hiren 100. Gebuertsdag hat d'Famillieministesch Corinne Cahen sech ugemelt an huet der Jubilarin den Ordre de Mérite vun der Regierung iwwerreecht. Och vun der groussherzoglecher Famill koumen, zesumme mat de beschte Gléckwënsch, e schéine Kaddo a Blummen. Am Numm vun der Gemeng huet de Buergermeeschter, ëmgi vu senge Kollegen aus dem Schäfferot, dem Gebuertsdaagskand déi beschte Wënsch an eng stabil Gesondheet fir déi Joren, déi nach kommen, iwwerbruecht.

D'Madamm Klein gouf den 8. November 1922 zu Kéinzig gebuer a war vun 1949 bis 2010 mam Bernard Klein bestuet. D'Koppel krut ee Jong, de Roger Klein, dee vun 1994 bis 2000 Buergermeeschter vun der Péitenger Gemeng war. D'Madamm Klein huet eng Zäit als Schneidesch geschafft, awer gréisstendeels huet si sech ëm den Stot gekëmmert.

Och mat 100 Joer fillt si sech nach ëmmer ganz a Form. Dee beschte Bewäis ass wuel, datt d'Madamm Klein nach eleng doheem wunnt an och de Coronavirus, deen si als 99-Jähreg erwëscht hat, gutt iwwerstanen huet. Hire groussen Dag huet si am Krees vun der Famill zu Péiteng am Home gefeiert.




Och fir d'**Madamm Rosalie Jankowski-Bosseler** housch et, mat engem Patt op en neit Liewensjoer ustoussen. D'Jubilarin, déi 90 Joer jonk gouf, ass ewell an der Seniorie St Joseph zu Péiteng doheem. De Buergermeeschter Pierre Mellina an de Schäffe Romain Mertzig haten sech bei hir afonnt fir Gléck a Gesondheet ze wënschen esouwéi eng schéi Corbeille z'iwwerbréngen. Zesumme mat Memberen aus der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale vun der Seniorie krut d'Gebuertsdaagskand dunn nach e schéine Ständche gesongen ier mat engem Glas Schampes geprost gouf.

# La brasserie «Um Dill» vous propose ...




*La brasserie «Um Dill», se trouve au Centre QT à Pétange. Vous pouvez y déguster des bonnes pizzas et d'autres spécialités italiennes.*

## Gnocchis alla Benedetta

Pour: 4 personnes

### Ingrédients pour les gnocchis :

- 500 gr de pommes de terre avec la peau
- 120-150 gr de farine et un peu pour donner la forme
- 2 cuillères à soupe d'oeuf battu (environ 1/2 œuf)

### Ingrédients pour la sauce :

- 250g sauce tomate
- 50g 'Nduja di Spilinga Calabrese
- 10cl huile d'olive
- 30g céleri haché
- 30g oignon haché
- 30g carotte haché
- une pincée de sel
- une pincée de poivre (noir)
- une poignée de feuilles de basilic
- 200g crème fraîche

**Brasserie «Um Dill»**

52, rue Pierre Hamer
L-4737 Pétange

Tél.: 28 20 27 88

### Préparation des gnocchis :

Faites cuire les pommes de terre avec la peau dans l'eau bouillante environ 20 à 25 minutes jusqu'à ce qu'elles soient tendres.

Egouttez-les, pelez-les avant de les écraser en purée sans laisser de résidu.

Laissez-la refroidir, car la chair doit être sèche et fraîche au toucher.

Ensuite pétrir très peu et rapidement en ajoutant tous les ingrédients.

Formez une boule et coupez des petites tranches pour façonner des boudins longs et épais de 2 cm. Coupez des petits morceaux. Plongez les gnocchis dans une eau bouillante et salée. Quand ils remontent à la surface, ils sont cuits.

### Préparation de la sauce :

Mettez la poêle sur le feu, ajoutez le N'duja et faites-le fondre doucement. Faites revenir le céleri, l'oignon et la carotte. Ajoutez la sauce tomate, mélangez et ajoutez la crème. Mélangez.

Ajoutez les gnocchis dans une casserole avec la sauce Benedetta et faites-les sauter.

Pour finir, parsemez de parmesan et garnissez avec une feuille de basilic.

Buon appetito!



# Le déneigement est un devoir pour tous !

Pendant l'hiver, certains services communaux sont en service 24/24 et 7/7 afin de déblayer les rues, chemins, trottoirs et places publics. Cependant, les citoyens aussi sont tenus à :

- laisser un passage de 80 cm pour les passants après des chutes de neige
- ne pas déposer la neige déblayée sur la chaussée
- stationner de façon à permettre le passage de la déneigeuse
- utiliser des alternatives au sel comme p.ex. l'eau salée des cornichons.

Les récipients contenant du sel de déneigement mis en place dans bon nombre d'endroits sur le territoire de la commune de Pétange sont des réservoirs de sel **pour des cas d'urgence uniquement !** <u>Les citoyens sont priés de ne pas s'y approvisionner</u> afin de garantir qu'un stock de sel sera disponible pour les services communaux tout au long de la saison froide.

**Merci pour votre compréhension et votre collaboration !**




# Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre

Respectant l'avis majoritairement négatif émis par le conseil communal dans sa séance du 16 mars 2016, le bourgmestre a décidé de ne pas accorder une autorisation générale de tirer des feux d'artifice sur tout le territoire de la commune de Pétange dans la nuit de la Saint-Sylvestre 2022/Nouvel An 2023.



# RPL TV

## Wat gëtt et Neies an der Gemeng?

Vum 15. Dezember bis de 15. Januar 2023 ginn aktuell an historesch Reportagen um Péitenger Fernsehkanal gewisen. D'Emissioun gëtt ausgestrahlt um 15 Auer, um 18.30 Auer an um 21 Auer. Um Programm stinn dës Kéier:

1. Rubrik „Wat war lass?" mat dem Dag vum Bam, de Kyotec Open, de Kleeschen am Fond-de-Gras, d'Eréffnung a Kleeschen um Niklosmaart, Bärbelendag, d'Aweiung vun der rue de la Fonderie, d'Diplomiwwerreechung vun der Museksschoul
2. Reportage: D'Renovatioun vum M8

Vill Spaass beim Kucken!

# Neie Mataarbechter

Zënter dem 1. November 2022 schafft de Jasmin Skrijelj als Beamten am techneschen Departement – Service Infrastructures.



pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

www.petange.lu

# Den Cent Buttek Asbl

Zënter 2015 gëtt et den Cent Buttek zu Lamadelaine an der Grand Rue. Nieft de Filialen zu Beetebuerg a Beggen ass dëst dat drëtt Geschäft, wou hei am Land opgemaach gouf. D'Haaptzil vum Buttek ass de Kampf géint d'Aarmutt vun de Bierger a géint d'Verschwendung vu Liewensmëttel an eiser Gesellschaft.

Duerch eng gutt Zesummenaarbecht mat verschiddene Supermarchéen, Bäckereien, Grossisten a Privatleit, déi Liewensmëttel vu gudder Qualitéit zur Verfügung stellen, déi awer net verkaf kënne gi well se um Punkt si fir ofzelafen, ass et méiglech, dës Liewensmëttel zu engem symbolesche Präis vun 2€ unzebidden. **Dës Hëllef ass fir déi Leit virgesinn, déi beim Office Social vun der Péitenger Gemeng ageschriwwe sinn.**

Fir datt den Cent Buttek gutt fonctionnéiert, paken eng ganz Rei Fräiwëlleger eng Hand mat un. Ma si sichen och ëmmer Leit, déi bei dëser gudder Saach matmaachen an an engem frëndschaftlechen a solidaresche Kader eng ganz speziell Erfahrung wëllen erliewen.

Et kann een si och mat engem Don op de Kont CCRA LU98780351608005, via Smartphone oder mam Code QR Payconiq ënnerstëtzen.

**Elo schonn e grousse Merci fir Är Generositéit.**

Cent Buttek

**Kontakt:**
**Tel.: +352 26 50 13 05**
**E-mail: cblam@pt.lu an um Internet op www.centbuttek.lu**









# 75. ANNIVERSAIRE
## MONUMENT HYMAN JOSEFSON




Viru 75 Joer gouf d'Monument um Square Hyman Josefson a Präsenz vum Prënz Felix ageweit. E Monument, dat bis haut all Joer am Mëttelpunkt vun de Liberatiounsfeierlechkeeten vum 9. September steet. De Comité du Souvenir hat op d'Plaz agelueden, wou nees ënnerstrach gouf, datt mir net sollen an dierfe vergiessen, wat deemools op der Mille geschitt ass. Käerze goufen néiergesat a Blummen néiergeluecht ier et du weidergoung bei den M8, deen nieft dem Rouden Haus seng nei Plaz fonnt huet. Ofschléissend huet d'Gemeng Péiteng nach op e Patt an de WAX agelueden.









